Newsletter | N° 1
2018

Kierch am Duerf
Gemeng Useldeng asbl

INFO-KAD:
Email: info@kad.lu
Tel: 23 63 97 18
(Lou Anzia-Ney)

Entdecke die Möglichkeiten

Mat dësem Opruff bezitt eng bekannt Lëtzebuerger Dageszeitung den 23. Januar 2018 Stellung zu de Méiglechkeeten, déi sech fir d'Sëtzverdeelung am Europäische Parlament nom Englesche Brexit stelle kënnen an de franzéische Präsident mengt, dass réagéiert muss ginn „pour construire cet espace démocratique inachevé….". Ee kuerze Statement, deen nodenklech mecht an deen ee kann a Fro stellen oder awer och ausweiden op vill Themeberäicher, déi national an international ronderëm de Begréff DEMOKRATIE opgebauscht ginn, e.a. déi vill vespriechent Laizitéit vun enger Gesellschaft, déi a Länner, wou se sech sollt bewähren, ëmmer méi a Fro gestallt gët, wëll se net do gräift, wou se gesellschaftlech gräife sollt.

Ass elo net de Moment komm, heiheem an an Europa, sech anzesetzen :„pour reconstruire l'espace spirituel dans notre démocratie inachevé… ». Ass eis europäisch Demokratie nach dat, fir wat se eigentlech fir jidderee soll stouen, versti mir den déiwe Sënn vun dësem Begréff nach oder verschwënnt hièn lues a lues, och hei zu Lëtzebuerg , ënnert dem Deckmäntelchen vun bëlleg verkaaftenen, afkopéierten, politische Wahlslogans wéi e.a. „En marche". En marche wouhinner, zum Profit vu weem, zu wat fir engem Weltbild ???

„Losst d'Kierch am Duerf ". Et sinn dës Froen, déi äis als Chrëschte musse bewegen, wa mer Positioun wëlle bezéien zu deem, wat politischersäits vermëttelt gët, virun allem am Emgang mat de Religiounen, mat der sozialer Aarmut, mam kulturelle Patrimoine, mat der spiritueller Erzéiung vun eiser Jugend, a net zuläscht och der Siicht an där ganz schwieriger Thematik vu globaliséierte Völkerwanderungen an eiser Zäit, déi weltwäit all mateneen kee friddlechen Ausgangspunkt hunn an och net einfach esou ee friddlechen Ofschloss fannen. Dës Thematik erreecht mat hirer Wirkung, esou oder esou, all Ecker vun eisen Dierfer a léisst sech net vum selwen a Schaum op.

Déi Kierch, vun där mir schwätzen, ass eng friddlech chrëschtlech Gemeinschaft, där mir äis fräi a bereetwëlleg verpflichten, an déi äis den Optrag gëtt, eis Hänn opzehalen fir do unzepacken , opzefänken, opzerafen, opzebauen, auszehalen a Freed ze bréngen, wou anerer Schirbelen hannerlossen, „pour construire cet espace démocratique inachevé" . All eenzelne Kierchturm an all Duerf vun eisem Land rifft äis op zu enger gemeinsamer Mëtt: „Gott" an zum Zesummenhalt vun alle Mënschen.

Lou Ney

An dësem Sënn, biede mir Iech an aller Frëndschaft drëm, eis asbl „Kierch am Duerf-Gemeng Useldeng“ ze ënnerstëtzen duerch Äere Bäitrëtt am Joer 2018

- **duerch Äer Präsenz op eiser Generalversammlung,**

  Donneschtes, den 22. Februar 2018 um 20:00 Auer

  an der Buvette vun der Sportshal
  Schandelerstrooss zu Useldeng

- **duerch d'Bezuele vun Äerer Kotisatioun vun 10 € fir d'Joer 2018**
  Kontonummer CCRA LU14 0099 7800 0053 7126 –
  Kierch am Duerf/Gemeng Useldeng

- **duerch Äer mëndlech oder geschriwwe Réckmeldungen** iwwer déi aktuell Virgäng an der Kierch an an der Catéchèse en paroisse:
  Email: info@kad.lu

- **duerch Äer aktiv, éierenamtlech Bedeelegung** an enger vun eisen eegenen Equipen :
  Kanner- a Jugendarbecht/Ennerhalt vun eisem sakrale Patrimoine, Archivage, Krankebegleedung asw.

A macht et nit wéi am Witz:
“*Ich habe nichts gegen Arbeit, nur mit den Händen und Füssen will ich meine Ruhe haben.“*

Eng kleng Geschicht

fir zesummen nozedenken an der Famill an doriwwer eraus

Nicht sehr hilfreiche Krankenbesuche…. An ee MERCI un all Begleeder.

Die Häsin lag sehr krank. Der Hase war viel auswärts, um den Alltag sicherzustellen und die sieben Kinder waren sich selbst überlassen. Da kam der Igel zu Besuch und sagte: “Kommt Zeit, kommt Rat“. Aber als er gegangen war, überlegte die Kranke: Wann kommt die Zeit, und welcher Rat wird es sein? Tags darauf sah die Eule herein und meinte: “Gut Ding will Weile haben“. Sprach’s und verabschiedete sich. Die Häsin dachte: Ich kann mir aber keine Weile leisten.

Als die Feldmaus durchs Fenster guckte, fiepte sie: “Kopf hoch, Frau Nachbarin, so trägt eben jeder sein Päckchen.“ Das ist schon kein Päckchen mehr, dachte die Kranke, und was soll das schon heissen: Kopf hoch? Ich habe ja gar keine Kraft.

„Lassen sie nur, es wird nichts so heiss gegessen wie gekocht“, flüsterte das Reh. Die alte Katze sah auch kurz herein und erkundigte sich: „Es wird schon werden“, meinte sie schnurrend.

Können die alle sich denn gar nicht vorstellen, wie mir zumute ist?, dachte die Kranke. Müssen die denn alle solchen gut gemeinten Unsinn reden? Während sie noch voller Enttäuschung so nachdachte und merkte, dass all der gut gemeinte Trost im Grund keiner war, kamen die Ameisen herein, grüssten kurz, stellten Feldblumen auf den Tisch, machten die Küche sauber, versorgten die jungen Hasen und verabschiedeten sich ohne grosse Worte.

(Peter Stangenberg).

PS: Vun äis aus, gudd Wënsch un eis Krank. Wann Dir ee braucht fir eng Kommissioun oder soss, an Äer FAMILL ass „en panne“, da losst äis et wëssen. Eise Service Krankebegleedung kann Iech vläicht virunhëllefen. Genéiert Iech net. Eis Hänn sinn do fir unzepacken. Merci all deenen an eisen Dierfer, déi dës Geste schons joerelang ganz diskret a bénévol machen. Hinnen all soe mir eise grousse Respekt.

Famillje-Katechees

Ich wünsche euch ruhige Hände,
damit euer Kind Stille spürt in der lauten Welt.

Ich wünsche euch zärtliche Hände,
damit euer Kind Liebt lernt in der oft kalten Welt.

Ich wünsche euch groβherzige Hände,
damit euer Kind Weite erlebt in der oft engen Welt.

Ich wünsche euch gerechte Hände,
damit euer Kind Fairness lernt in der oft engen Welt.

Ich wünsche euch geduldige Hände,
damit ihr Kind nicht überfordert wird von euch und der Welt.

Ich wünsche euch tragende Hände,
damit euer Kind um euer Dasein weiβ in dieser Welt.

(Maria Sassin in:Kleines Wunder, das du bist,Eschbach)

Fir eis Kannner

D’Useldenger Kommioun réckelt ëmmer méi no. Eng Reih vun Iech hunn sech gudd dru ginn, fir sech an der Kannerkatechees op dëst schéint Sakrament vun der Hl. Eucharistie virzebereeden mat der Hëllef vum Titularkatechet. Awer och déi verschidde Kannerfeieren (Gottesdëngschter an aner Begéinunen) zesumme mat anere Kanner, heiheem oder an anere Kierchen an eiser Par, déi och ee froue Wee mat Jesus am Häerz ginn, bréngen Iech d’Sécherheet an Äert Häerz, dass Dir nie eleng sidd. Déi nächst Kanner-a Familjegottesdéngschter an eiser PAR sinn um neie Parblad ugekënnegt. Verpasst si nit. Et ass derwäert, fir Jesus nach besser kennen ze léieren. Eis Equipe heiheem freet sech besonnesch op Äere Besuch, zesumme mat Äerer Famill an der

Familgemass zu Useldeng an der Kierch,
Sonndes de 4. Mäerz 2018 um 11.00 Auer.

An dëser Mass feiert eisen Här Paschtouer Mathieu Janssen
ee froue Jubiläum.

30 Joer lang hëlleft hien äis an eiser Gemeng a senger pastoraler Missioun, eise Glawen ze verdéiwen, duerch d’Spende vu Sakramenter a Gottes Numm, eise Glawen ze bezeien an eis op eisem chrëschtleche Wee ze begleeden bei froue Stonnen an a traurege Liewensetappen. Jidder Matbierger, Chrëscht oder Net-Chrëscht, deen Uleies a Suergen huet, darf gäre ganz perséinlech a privat mat him schwätzen. Seng Präsenzzäiten a seng privat Telefonsnummer stinn op eisem PARBLAD.

30 Joer laang hu mir zesummen als Kierchenéquipen - Kiercheréit / Parrot / Gesank / Massendénger- a vill aner bénévol Matarbechter ronderëm eis 4 Kierchen Useldéng/Ierwerléng/Rippweiler a Schandel a voller Frëndschaft eis Idien mat him zesummegeluecht, fir domat Gott an der Kierch ze déngen. Merci Här Paschtouer fir Äer Ennerstëtzung an Äer grouss Kapazitéit, Mënschen ze leeden an zesummenzehalen.

Mierkt lech den Datum a soot en och weider un eis portugiesesch Matbierger.

NÄECHST RENDEZ-VOUS'en

FATIMA-FEIER zu Useldeng an der Kierch
Samschtes, den 19. Mee um 18.30 Auer.

BARMHÄERZEGKEETS-FEST - Sonndes de 4. März 2018
Mëttegiessen, grousse Bicherfloumaart an Asammele vun Timberen a Brëller

11:00	Familjemass an der Useldenger Kierch Eierung vum Här Paschtouer M. Janssen fir seng 30 Joer Déngscht an eiser Gemeng
12:00	Useldenger Centre Culturel Eierewäin, offréiert vun der Useldenger Gemeng
13:00	Useldenger Centre Culturel Mëttegiessen (Prince Orloff) fir de gudden Zweck (Projet:"Un jardin pour tous/Congo)

Umeldung fir d'lessen beim:
Anni Linster: Tel: 23 63 91 34 oder
Marthe Boudler: Tel: 23 63 80 34

Grousse Bicherfloumaart an Asammele vu Brëller an Timberen:
Bicher fir äis ze schenken: Info:Tel Lou Anzia: 23 63 97 18.
Timberen a Brëller einfach matbréngen.

POUR LA VIE NAISSANTE ASBL

Des asbl huet als Zil schwanger Fraen ze encouragéieren an ze hëllefen souwuel virun wéi och no der Gebuert vun hirem Kand. Sie hëllefen mat Material, wéi Wendelen, Kleeder, Mellech, Miwwelen asw, waat vun Sympatisanten vun der asbl gratis verdeelt gët. Wann dir des flott cause wëllt ennerstëtzen, da kennt dir daat maachen mat engem Don op folgende Konto: „Pour la Vie Naissante asbl" CCPL LU97 1111 0000 3737 0000

INTERNET-SITE

Besicht och eisen Internet-Site op www.kad.lu ; dir fannt hei ëmmer d'Massen an eiser Gemeng, aner Aktivitéiten vun der KAD an och aus eiser Par, wéi och de Parbréif.